ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

De Service Energie vum ILR, dem Institut Luxembourgeois de Régulation, huet am Kader vu sengm Joresrapport festgestallt datt quasi all d'Stéit am Land, mat intelligente Stroum-Compteuren, de sougenannte Smartmeter equipéiert sinn. An engems huet den ILR awer festgestallt datt de Gestionnaire vum Reseau dem Fournisseur nach net déi deeglech Donnéeë matdeelt. Deemno huet dann och de Verbraucher nëmme schwiereg Accès zu dësen Informatiounen iwwert de Stroumverbrauch. Esou datt déi nei Zerwisser op Basis vun den intelligente Compteuren nach ëmmer op sech waarde lossen, sou d'Konklusioun vum ILR.

An dësem Sënn hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Firwat sinn déi nei Zervisser, op Basis vun den „intelligente" Compteuren, nach net disponibel, esou wéi dat den ILR elo rezent festgestallt huet?
2. Ginn et Problemer mat der Technik vun de Smartmeter?
3. Wéini sinn déi nei Zervisser vun den „intelligente" Compteuren disponibel?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten